N°1981
Entrée le 26.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Péitenger Gemengerotssitzung vum 24te Februar 2025 goufen Ännerungen op der Kräizung vun der Route de Luxembourg (N5) mat der Rue des Ateliers präsentéiert. Op dëser Plaz ginn, ënnert Anerem, rout Luuchten installéiert an de Vëloswee soll besser ofgeséchert ginn.

Et gouf och iwwert eng Geschwindegkeetsbegrenzung op dëser Plaz op 30km/h diskutéiert, mee hei gouf op d'Kompetenz vum Mobilitéitsministère verwisen.

No mengen Erfarungen an Diskussiounen aus de leschte Jore missten op der N5 op verschiddene Plazen, wéi der Porte de Lamadelaine, d'Tempolimitt op 30km/h erofgesat ginn, fir d'Verkéierssécherheet an d'Liewensqualitéit am Zentrum vu Péiteng ze verbesseren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Mobilitéitsministesch gewëllt, fir op verschiddenen Deeler vun der Route de Longwy (N5) eng Geschwindegkeetsbegrenzung vun 30km/h anzeféieren?
   Falls nee, firwat net?

2. Wéi vill Accidenter tëschent Gefierer a Foussgänger goufen et an deene leschten 10 Joren op der N5?
   Wéi vill Accidenter tëschent Gefierer goufen et an deene leschten 10 Joren op der N5?

3. Sinn all d'Zebrasträifen op der N5 aktuell konform mam Code de la Route, hisiichtlech der Siichtbarkeet a Beschëlderung?

4. Wéi vill Reunioune goufen et an deene leschten 10 Joren tëschent dem Mobilitéitsministère an de Verantwortleche vun der Gemeng Péiteng betreffend der Verkéiersberouegung op der N5? Wéi eng Doléancen hunn déi Verantwortlech vun der Gemeng un de Mobilitéitsministère erugedroen a wéi eng goufen vum Mobilitéitsministère zeréckbehalen a ginn ëmgesat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten